



Mamer, den 14. Februar 2020

Madame, Monsieur,

Mat dësem Bréif wëlle mir Iech op onsen **Josy Spaceday** invitéieren, Dënschdes, den 10. März 2020 um 9h30 am Lycée Josy Barthel, zu Mamer.

Fasziniert vum Gedanken eemol an d'Onendlechkeet vum Weltall ze kucken, hunn mir ee fachiwwergräifende Projet mam Numm "StratoJosy" op d'Been gestallt. Ziel ass et mat engem Team vu Schüler an hire Physique- a Geosproffen eng Atmosphärensonde steigen ze loossen.

Dëse mat Helium gefüllte Ballon wäert bis zu 35'000-40'000 m héich fléien, dono platzen an da mat Hëllef vun engem Fallschirm erëm erof op d'Äerd seegelen.

Deen ganzen Dag iwver fanne Konferenzen a Workshops zum Thema Space Mining zu Lëtzebuerg statt an de Vol an d'Biergung vun der Sonde ka live op engem Ecran verfollegt ginn.

Renomméiert Léit wéi den Eric Buttini aus dem Naturmusée a Member vun der IAU (International Astronomical Union) den Niki Féierstein (Amateur Astronom), esou wéi ee Representant vun der Firma HITEC wäerten deen Dag present sinn an zesumme mat de Schüler an hire Proffen dat spannend Experiment verfollegen.

Am Virfeld vum "Josy Spaceday" kennen d'Schüler an hier Elteren un engem Concours deelhuele fir d'Platz vun der Landung vum StratoJosy ze errodnen. D'Suen déi mat dëser Aktiungesammelt ginn, ginn integral un ee gudden Zweck gespent. Soumat gliddert sech dëse spektakuläre Pojet net nëmmen an een interdisziplinäre Projet tëscht de Sciencedepartementer an, mee deckt och nach dee soziale Volet vum Projet d'Etablissement "Josy Helps!" mat of.

Wei kann ech mäin Tipp ofleeën? Ganz einfach – mat folgende Schrëtt:

- De QR Code hei drënner scannen oder op eis Internetsäit goen www.ljbm.lu
- De Forms ausfëlle mat ärem Tipp
- De Virement vu mindestens 2€ op de Schoukont maache mat der Mentioun "StratoJosy + Numm Virnumm + Klass" (CCP LU80 1111 2338 6494 0000)
- Oder äre Bäitrag um StratoJosy Stand an der Schoul ofginn (vum 25.02.2020 bis den 03.03.2020)

Weider Informatiounen fannt dir op eisem Flyer an online www.ljbm.lu.

An der Hoffnung en interessanten a spannenden Dag mat Iech ze verbréngen, verbleiwe mir mat frëndleche Gréiss.

Claude Christnach
Direkter

Elisabeth Bram
fir d'Equipe StratoJosy

